N°4161
Entrée le 01.06.2026
Chambre des Députés
Déclarée recevable
Président de la Chambre des Députés
(s.) Claude Wiseler
Luxembourg, le 02.06.2026
Chambre des Députés

Här Claude Wiseler

President vun der Deputéiertechamber

19, um Krautmaart

L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 1. Juni 2026

Här President,

esou wéi d'Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un d'Madamm Digitaliséierungsminister weiderzeleeden.

Aktuell kënnen d'Bierger iwwer myguichet.lu iwwerpréiwen, wéi eng Verwaltungen an de leschte sechs Méint op hir Donnéeën am nationale Persouneregëster zougegraff hunn. D'Transparenz ass dobäi awer begrenzt, well myguichet.lu zwar déi betreffend Verwaltungen uweist, awer net automatesch detailléiert Informatioune liwwert, wéi beispillsweis den exakten Zäitpunkt, d'Heefegkeet oder de konkreten Zweck vun de Consultatiounen.

Virun dësem Hannergrond wéilt ech der Madamm Minister gär follgend Froe stellen:

1. Ass virgesinn, d'Transparenzfunktiounen op myguichet.lu weider auszebauen?
2. Firwat ass den Historique aktuell op sechs Méint limitéiert? Ass eng Verlängerung vun där Consultatiounsperiod geplangt?
3. Op wéi enge juristeschen oder technesche Grënn baséiert d'Tatsaach, datt den exakten Zäitpunkt an de konkrete Kontext vun enger Consultatioun aktuell net ugewise ginn?
4. Ass d'Regierung der Meenung, datt Bierger e Recht sollten hunn, de konkrete Grond fir d'Consultatioun vun hire perséinlechen Donnéeën nozevollzéien?
5. Ass geplangt, proaktiv Notifikatioune virzegesinn, wann eng Verwaltung op perséinlech Donnéeën zougräift?
6. Wéi positionéiert sech Lëtzebuerg am europäesche Verglach, wat d'Transparenz iwwer d'Consultatioun vu perséinleche Donnéeën duerch Verwaltungen ugeet?

Mat déiwem Respekt,

Tom Weidig

Tom Weidig
Deputéierten